Eltereschoul Osten
Contact: eltereschoul-est@kannerschlass.lu

Eltereschoul Online

D'Eltereschoul J. Korczak vun der Fondatioun Kannerschlass organiséiert säit 2002 am ganze Land all Zort vun Aktivitéite fir Elteren (Konferenzen, Groupes de paroles, Coursen, Soiréeën...) fir si bei der Erzéiung vun hire Kanner ze ënnerstëtzen. Et ass eist Zil dobäi d'Elteren a Gruppen ze gesinn an et hinnen et esou ze erméiglechen sech och ënnerteneen auszetauschen.

Vu dass et méi schwiereg an dësen Zäiten ginn ass, wou Elteren sech treffen an austausche kënnen, organiséiere mir elo och Online-Konferenzen.

Fir de Mount Juni proposéiert **d'Eltereschoul an Zesummenaarbecht mat der Jonglënster Gemeng** dësen Online-Owend. D'Elteren an jiddereen deen interesséiert ass, sinn häerzlech wëllkomm.

Eltereschoul Online

Freideg, den 18. Juni 2021 **um 18:30 Auer**
Eis Jugend am Covid
Online-Konferenz (op Lëtzebuergesch)
Referentin: Nancy Holtgen, NH Lifecoaching & Training

Dësen Owend ass gratis.
Mellt Iech w.ë.g. un (mat Numm/Virnumm/Titel an Datum vun der Online-Konferenz) bis spéitstens den 15. Juni per Mail op eltereschoul-est@kannerschlass.lu

De Webex-Link kritt Dir no der Aschreiwung gemailt.

D'Equipe vun der Eltereschoul